Regulus Junior-Club

Programm
April – September 2024

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

Donneschdes, den 18. Abrëll 2024

De ganze Vulleprogramm

Virwat bleiwen d'Vullen an der Lucht a fallen net erof? Mir kucken eis Vullen un, déi fléien an déi déi net fléien. Do dernieft studéieren mir Eeër, Plommen, asw .....

An dann eng ganz wichteg Fro: wéi ass dat gang, dass d'Vullen d'Nokommen vun den Dinosaurier sinn???????



<u>Auerzäit</u>:
14.30-17.00 Auer



<u>Treffpunkt</u>:
Haus vun der Natur

<u>Alter</u>: 6 bis 12 Joer

<u>Onkäschten</u>: 6 €



Dënschdes, den 30. Abrëll 2024

Schnëtzatelier

Schnëtzen ass eng cool Saach. Dat Flottst dobäi ass, dass ee guer net vill dofir brauch. Aus engem klenge Stéck Holz kann een e Museksinstrument, e Spill a nach villes méi maachen. Nodeems mir Grondreegele fir e sécheren Ëmgang mat Messeren erkläert kruten heescht et: erun un d'Opinelmesseren a lass geet et!

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 9 Joer

Onkäschten: 6 €

Sonndes, den 5. Mee 2024

Laf fir d'Natur

Fir all sportlech Naturfrënn. Mir lafe fir de Naturschutz! Och d'Elteren sin häerzlech wëllkomm fir déi grouss Course (5 oder 10 km)!

Kidslaf: 1 km

Treffpunkt:
Kockelscheier,
Haus vun der Natur

Départ:
10.00 Auer

Vun 10.00 bis 12.00 Auer sin nach flott Naturatelier'en vum Regulus Junior-Club virgesinn!

Donneschdes, den 16. Mee 2024

Ab duerch d'Heck!!

Mir kucken eis d'Heck emol méi genee un. Wéi eng Friichten hänken drun a wien kann déi iessen? Fir ween as d'Heck nach wichteg als Verstopp- oder Schlofplaz?
Mir erliewen vill Spannendes ronderëm d'Heck an hir Bewunner.

Auerzait:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:

6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Dënschdes, den 4. Juni 2024



Insektesafari

Mir gin op Entdeckungsrees an d'Blummewiss:
hei as ëmmer eppes lass, d'Beien summen,
d'Hummelen brummen an d'Päiperleken flatteren
vun Blumm zu Blumm.
D'Insektewelt ass faszinant an immens farweg.
Mir entdecken an de Gäert vum Haus vun der
Natur déi ganz Vielfalt a probéieren esou vill wéi
méiglech Insektenarten kennenzeléieren.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Haus vun der Natur

Alter: 6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Samschdes, de 15. a Sonndes, den 16. Juni 2024

Fest vun der Natur

Wéi all Joer bitt d'Fest vun der Natur vill Interessantes iwwert eis Natur an Ëmwelt. Et lafe vill flott Aktivitéiten déi 2 Deeg beim Haus vun der Natur! Komm mat denger ganzer Famill laanscht a looss dech iwwerraschen!!!!!!

<u>Auerzaiten:</u>
Samschdes, 14.00 – 18.00 Auer
Sonndes, 10.00 – 18.00 Auer

<u>Wou?</u>
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Donneschdes, den 20. Juni 2024

D'Flossséischmuewel .....

..... e Flugkënschtler! Mir probéieren de Vull vum Joer 2024 besser kennenzeléieren andem mir hien op de Baggerweieren am Haff Réimech beobachten a mat flotte Spiller seng Liewensweis entdecken.

Auerzait:
14.30-17.00Auer

Treffpunkt:
Remerschen
Biodiversum

Alter:
8 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Donneschdes, den 27. Juni 2024

Schnitzeljuegd

Mir siche Rästelkëschten, maachen Aufgaben a kréien sou lues a lues ëmmer méi Hiweiser op eng Schatzkaart. Wetten dass mir d'Rätsel ëm de verstoppte Bëschschatz knacken?

Auerzait:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Samschdes, den 29. bis Sonndes, den 30. Juni 2024

Fliedermausnuecht

Deen Owend dréit sech alles ëm d'Fliedermaus. Iwwernuecht gëtt zu Iechternach an der Jugendherberge.

Dauer:
Samschdes Owes (17.00 Auer) bis Sonndes Mëttes (14.00 Auer)

Treffpunkt:
Zu Iechternach an der Jugendherberge

Alter:
8 – 12 Joer

Onkäschten: 60 €

Dënschdes, den 2. Juli 2024

„Hunneg hunn ech ....."

..... dat seet all Bei bei eis op der Kockelscheier!
Mee fir den Hunneg ze kréien mussen si awer op ganz vill Blummen fléien an den Nektar do sammelen. Mir entdecken déi faszinéierend Welt vun de Beien am Beienhaus op der Kockelscheier. Mir gesinn wéi en fléissecht Vollek d'Beie sinn, schleideren Hunneg a schmachen deen natierlech och!!

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Haus vun der Natur

Alter: 8 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Mëttwochs, de 17. Juli 2024

Nuetsaktiv

Wars du schon eng Kéier nuets am Bësch ënnerwee? Wat geschitt am däischtere Bësch? Si villäicht nuetsaktiv Déieren ënnerwee, déi Geräischer machen? Loos dech iwerraschen, mach mat an erliew de Nuets-Bësch mat all denge Sënner!



Auerzait:
21.00 - 23.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
8 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Dënschdes, den 6. August 2024

Feierkichen

Dësen Dag si mir Feierkäch a bereeden eist Mëttegiessen vir, fir et duerno um Feier ze kachen. Dono machen mir eis och gutt Dessert'en um Feier. An der gemittlecher Ronn loossen mir ons et gudd schmaachen!

Auerzait:
11.00-14.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten:
12 €

Dënschdes, den 13. August 2024

Molchen, Reckeschwëmmer & Co.

Wéi eng Déiere liewen am Weier? Alles Froen, déi mir op dësem flotten Nomëtteg mat Beobachtungen a Spiller ronderëm dës Déieren zesumme mat lech wëllen erausfannen.

Auerzait:
09.30-12.00 Auer



Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten:
6 €

Donneschdes, den 5. September 2024

Bock-Kasematten

Am Joer 963 huet de Grof Sigfried op dem Bock-Fiels eng Buerg gebaut. 800 Joer méi spéit sinn am Fiels d'Kasematten ugeluecht ginn wou d'Kanounen de Fiels an d'Stad verteidegen konnten.
Op engem flotten Tour gi mir duerch dës Kasematten, entdecken weider Befestigungsanlagen a kréien d'Geschicht vun der Melusina gezielt.

Auerzäit:
14.30-16.30 Auer

Treffpunkt:
Virum Palais Grand-Ducal

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 8 €

Numm: _____

Numm (Mamm) _____

Numm (Papp) _____

Adress: _____

Uertschaft: _____

Gebuertsdatum: _____ Telefon: _____

GSM (Mamm): _____ GSM (Papp): _____

Mail: _____

mellt sech un fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen un de Regulus Junior-Club)

O De ganze Vulleprogrammn
18.04.2024

O Schnëtzatelier
30.04.2024

O Laf fir d'Natur
05.05.2024

O Ab duerch d'Heck
16.05.2024

O Insektesafari
04.06.2024

O D'Flossséischmuewel
20.06.2024

O Schnitzeljuegd
27.06.2024

O Fliedermausnuecht
29. + 30.06.2024

O Hunneg hunn ech …..
02.07.2024

O Nuetsaktiv
17.07.2024

O Feierkichen
06.08.2024

O Molchen, Reckeschwëmmer & Co
13.08.2024

O Bock-Kasematten
05.09.2024

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

---

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu